Energiekooperativ Kanton Réimech

Newsletter

N° 04/2025

Rapport Info-Owend Fëlschdref

Léif Kooperateuren,

Den 26. Mäerz waren mer zu Fëlschdref am Centre Culturel. Der Duelemer Gemeng en groussen Merci fir dass mir d'Geleegenheet kruten eis als Energiekooperative Kanton Réimech kennen ze presentéieren.

Des kéier war et um Lokalmatador Luc Mangen, duerch den Owend ze féieren. Hien huet net nemmen eis Zieler, eis realiséiert Projeten an eis zukunfts Projete presentéiert, mee awer och de Lokalen zukunfts Projet an der Gemeng Duelem.

Hei handelt et sech em de Projet deen um Schoulcampus vun Duelem realiséiert soll ginn. De Buergermeeschter Romain Kill huet a senge Schlusswierder preziséiert, dat de Wonsch vun der Gemeng do ass, déi Anlag déi aus 3 Deeler besteet, zesumme mat der EKR ze realiséieren.

Mir hunn eis gefreet dësen Owend e puer nei Interesséierter konnten ze begréisse, mee awer och e puer bekannte Gesiichter erëm ze gesinn. Dat beweist eis ëmmer rëm dass d'Bierger a Biergerinnen aus dem Kanton Réimech hanner der EKR an hiren Ziler stinn.

Stroumproduktioun vun eise realiséierte Projeten

Projet Boulodorm

säit dem 16.08.2023 insgesamt

38,61 MWh produzéiert

(Stand 30.03.2025)

Aktuell Stroum Produktioun

Projet Munnerefer Schoul

säit dem 11.11.2024 insgesamt

13,12 MWh produzéiert

(Stand 30.03.2025)

Aktuell Stroum Produktioun

Bis dohin bleift gesond a monter,

D'Équipe aus dem CA vun der EKR

Energiekooperativ
Kanton Remich 1, Place des Villes Jumelées
L-5627 Mondorf-les-bains

D'EKR ass och op

ekr.lu